N°1317
Entrée le 06.11.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Äntwert vun der Madamm Justizminister, Elisabeth Margue, ob déi parlamentaresch Fro Nr. 1317 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup**

**Fro 1 a 2**

Am Fall vun enger Plurinationalitéit spillt den Artikel 83 vum aktuellen Nationalitéitegesetz, deen ee fundamentale Prinzip virgesäit:

*« Sous réserve des conventions internationales et lois en vigueur au Grand-Duché de Luxembourg, toute personne possédant, outre la nationalité luxembourgeoise, une ou plusieurs autres nationalités, est considérée par les autorités publiques luxembourgeoises comme possédant exclusivement la qualité de Luxembourgeois. »*

Deemno gesäit de Justizministère hei bei enger Plurinationalitéit keng rechtlech Problemer a féiert keng Statistiken iwwert d'Zuel vun de Leit, déi nieft der Lëtzebuerger Nationalitéit aktuell am Grand-Duché mat enger duebeler, dräifacher oder véierfacher Nationalitéit liewen.

Et sief awer gären op zousätzlech Donnéeë vum Statec higewisen, déi ëffentlech asiichtbar sinn.

**Fro 3**

Déi verschidde Konditiounen, ënner deenen et méiglech ass déi Lëtzebuerger Nationalitéit ze kréien an déi musse vum Demandeur erfëllt ginn, stinn am Nationalitéitegesetz. D'Anhale vun dëse Konditioune gëtt kontrolléiert an d'Gesetz gesäit Mesuren am Fall vu Mëssbräich vir.

De Legislateur verlaangt keng spezifesch Motivatiounsgrënn bei der Demande.

Lëtzebuerg, den 6 November 2024.

D' Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue